
1967





Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force

Numéro spécial Rédaction: 9, Rue du Fort Elisabeth, Luxembourg - C.C.P. 313 29 **7e Année**


# PROTEST

## Ge'nt diktatoresch an ondemokratesch Regierongsmethoden

Firwât ?

«Eisen Statut virun d'Chamber» dât verlângen mir, d'Enrôlés de force, schon zenter Jooren..

Op d'Opfuerderong vum Här Staatsminister hu mir ons verlângten Ännerongen zum propose'ertem Regierongsprojet ageréicht, fir datt de Staatsrôt an ons Députe'ert matt Höllef vun präzisen Informatio'nen, hir Entschédong op E'er a Gewössen huele könnten.

Duerzo' schreiwt dann de Staatsrôt a sengem Avis vum 24. 1. 1967 :

**„Etant donné que suivant la dépêche du 7 octobre 1966,**
**le Gouvernement n'entend pas**
**dans le stade actuel de la procédure législative**
**apporter des changements au projet"**

Dem Här Werner seng Opfuerderong war also BLUFF an ons Arbecht fir d'Kätz.
D'Majorite'ts - Députe'ert kre'en domadden erem éng Ke'er de MAULKUERF ugehângen.
De BLA - BLA fir d'Tribune ass zo'geloss, mä de Regierongsprojet muss gestömmt gin.
Lossen ons gewielt Députe'ert sech eso' zu simplen Statisten erôfsetzen ?

D'Vollek huet seng Députe'ert dach gestömmt fir d'Gesetzer auszeschaffen, an net datt sie Muerges de' ferdeg Gesetzestexter kre'en zu dénen sie Möttes musse JO wenken.
Können an darfen Députe'ert gezwongen gin, hir Ménong opzegin, an eso' hir Frönn a Komerôden verrôden a verkâfen.

Mussen sie âner Leit zu Gefâlen, we' beim Wiedergutmachungsvertrag (lie's «Schandvertrag») é Gesetz stömmen, **dat hirer E'er an hirem Gewössen widdersprècht ?**

Mir kritise'eren a veruechten des Methoden !
Mir wiehren ons ge'nt eso' Praktiken, well
Mir hun se nach a schlechter Erönnerong.

**Letzeburger! Sidd solidaresch a wiehrt lech matt ons ge'nt all Diktatur, égal we' se hèscht an ausgeseit!**

# Wât verlânge mir?

Eng Regierongspolitik de' dem Letzeburger Land dât Geld erandreiwt, dat Preisen dem Land nach schöllech sinn.

Mir sinn net averstânen, datt de letzeburger Steierzueler dé Schued bezuele muss, dén d'Preisen ugericht hun.

Firwât refuse'ert ons Regierong an hierem Projet den offiziellen Merci un all de' vill Leit, de' önner Liewensgefôr dem Preiss jonkt Liewen entrass an dem Land erhâlen hunn?

Firwât versét d'Regierong den Enrôlés de force total an integral Satisfactio'n, andem se de' bestehend Diskriminierongen net all ofschâft?

Wat fir Interessen kann ons Regierong hun, en Urté'l, dat zu' Nürnberg ge'nt e Krichsverbriechen gesprach go'w, ze ignore'eren respektiv ze bagatellise'eren?

**An desen Zeiten kann ons Regierong sech et net léschten, op d'Keschten vum Vollek, dem Preiss Millio'nen ze schenken.**

All Affer vun den Nazi'en fuerderen ons Regierong op, de' platonesch Protester duerch scharf a konkrét Mesuren ge'nt de Knascht an d'Belédegongen vun de' Seit der Musel ze ersetzen. Oder musse mir wârden bis et erem ze spé'd ass? (we' de 10. Mé 1940)

Mir erwârden, mam ganze Vollek, datt eis Regierong dach nach berechtegt Besserongsanträg zo'le'sst.

Letzeburger: Iwerzégt Iech selver wât fir Regierungsleit an Député'ert, bei den nächsten Chamberdébatten, sech mat Bla Bla begnügen a wien sech e'erlech an mat Nodrock beme'ht Wo'recht am Gesetzestext festzehâlen.

**Mir verlângen an erwârden datt d'Vernonft sech duerchsetzt, fir dass den 3ten Schlag an d'Gesicht vun den Enrolés de force verhönnert gött!**

Fédération
des victimes du nazisme, enrôlées de force.

Impr. Hermann, Luxbg.